**Passeurs de mémoire**
**Lycée du Nord Wiltz - 01.07.2024**

*Passeurs de mémoire*
D'Mémoire weiderginn, jo dat ass wat Dir als Lycée du Nord zanter enger ganzer Rei vu Joeren an d'Hand geholl hutt: dir probéiert Souveniren ze sammelen bei deene Leit, oft är Grousselteren, déi den 2. Weltkrich hautno erliewt hunn *fir datt d'Mémoire net verluer geet.*

Wann ee sech bei eis am Land, an op ville Plazen an Europa, ëmkuckt, da mierkt een ëmmer méi, datt dat vill Fraen a Männer, hiert Liewen and heiansdo och dat vun hirer Famill riskéiert hunn fir sech géint den Nazi-Okkupant ze wieren.

An dat waren der net vill. Dat war eng absolut Minoritéit  bei enger Populatioun vun 290.000 Awunner am Ufank vum Krich 1940. Remarkabel ass, datt knapps datt de Gauleiter Simon am August 1940 ugefaang hat säin Terrorregime ze organiséieren sech virun allem jonk Leit virgeholl hunn alles ze ënnerhuelen, fir datt Lëtzebuerg nees giww fräi ginn. 1940 huet d'Hallschent vun de Resistenzler a Resistenzlerinnen manner wéi 26 Joer, 5% esouguer manner wéi 16 Joer.

Et war also net esou, datt d'Lëtzebuerger all aktiv an der Resistenz gewiescht wären. Datt vill Leit, jiddefalls am Ufank, d'Fauscht an der Täsch gemaach hunn, huet eng ganz Rei Explikatiounen. Nom Krich huet d'Regierung eng administratif an en politesch Epuratioun duerch féiere gelooss, a bei 28.000 Persounen probéiert erauszefannen ob se Collaborateure vum Naziregime warne.

Déi Männer a Fraen, déi sech engagéiert hunn si verfollegt ginn an hunn ëmmer misse fäerten fir verroden ze ginn an a Konzentratiounslager  deportéiert ginn. Op d'mannst 500 Fraen an ca 3500 Männer sinn an d'KZer verschleeft ginn a vill vunn hinnen sinn do ëmkomm.

Well de Souvenir un d'aktiv Resistenz riskéiert ëmmer méi an de Vergiess ze kommen oder hir Roll ënner den Dësch gekiert gëtt, huet d'Fondation nationale de la Résistance e *grousse projet de recherche* lancéiert. Si schafft mat Hëllef vun der Uni Lëtzebuerg, den Associatiounen vun der Resistenz an der finanzieller Ënnerstützung vun der *Oeuvre nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte* un engem *Dictionnaire historique de la Résistance au Luxembourg.*

An do wäre mer dankbar, wann Dir als *passeurs de mémoire* bei Äere Familljen giwwt nofroen no Témoignage, no Erzielungen vun deenen déi de Krich effektiv erliewt hunn.

Merci!

Guy Dockendorf